# Schléifer-Spurentunnel bauen – Uleedung:


D'Material dat dir braucht:



- 3 eidel (ausgewäschen) Tetrapacken
- 1 Schéier
- Scotch
- Tacker (mat Recharge)
- Pechpistoul (mat Recharge)
- Ee Schwämmchen oder eng al Spulllomp
- 1 wäisst Blat
- 4 Bürosklameren
- "Tënt-Mëschung": 40g Aktivkuel + 90g Raps-Ueleg (Konsistenz wéi Zahnpasta)



**1.** Bei 2 Tetrapaken den Deckel ofschneiden …




**2.** … an de Buedem op 3 Säiten lassschneiden.



**3**. Déi zwee Tetrapacken aneneen stiechen, esou, dass déi zwee lasse Biedem op enger Säit jeeweils no bausse kucken.


Si maachen op all Säit vum Tunnel ee klengen Iwwerdaach, esou, dass et net an den Tunnel eran reent.

Dann, déi zwee Tetrapacken anenee stiechen a mam Tesa zesumme pechen.



**4.** Beim drëtten Tetrapack och den Deckel ofschneiden.

Da jeeweils an der Mëtt vun den Zwou Säitewänn opschneiden.



**5.** Déi hallef Säiten op d'Récksäit klappen a mam Tacker befestegen.




**6.** de Schwämmchen bzw. d'Fatz zouschneiden a mat Hëllef vun der Pechpistoul an der Mëtt (um Buedem vum Tetrapack) festpechen.



**7.** Op d'Gréisst vum Tunnel zouschneiden.

**8.** De wäisse Pabeier zouschneiden a mat Hëllef vun de Büros-Klammeren uspéngelen.




**9.** D'"Tënt" um Schwämmchen/ der Fatz verreiwen.

**10.** De „Spuerebuedem" an den Tunnel stiechen (esou, dass déi zwee Iwwerstänn Uewe sinn).



**11.** De Spuerentunnel an eng Heck bzw. op d'Blatz wou de Schléifer vermutt gëtt stellen. Am beschten un engem horizontalen Aascht befestegen.



**12.** No 1-2 Deeg kontrolléieren, ob scho Spueren dra sinn, bzw. d'"Tënt" nofëllen.